



Blëtz a.s.b.l.

Lëtzebuerger Associatioun fir Betroffener vun engem Hireschlag



De WAKE-UP Projet UPDATE

November 2017



Iwwer WAKE-UP



- WAKE-UP ass eng international, net-kommerziell Etude. Dobäi gëtt d'Wierksamkeet an d'Sécherheet vun der Thrombolysetherapie bei Patiente mat akutem ischämeschem Schlag an net bekanntem Ufank vun de Symptomer vum Gehirnschlag ënnersicht. D'Patienten goufen no enger IRM vum Kapp ausgewielt a konnten deelhuefen, wann am Gehir nach Gewebe war, dat net ofgestuerwen war, mee just schlecht duerchbludd gouf. Bei der Etude krutt ee Grupp vu Patienten, deen nom Zoufallsprinzip ausgewielt gouf, eng Behandlung mam Medikament „Alteplase“. Deen anere Grupp kritt e Placebo.
- D'Zil vu WAKE-UP ass et, eng nei Therapie fir Patiente mat enger Ischämie ze fannen. D'Thrombolysé ass bis elo net uwendbar bei Patiente mat Symptomer vun engem Schlag a bei deenen den Zäitpunkt vun den éischte Symptomer net bekannt ass. WAKE-UP soll erméiglechen, mat Hëllef vun engem multiparametreschen IRM Patienten aus dësem Grupp ze definéieren, déi awer mam Medikament „Alteplase“behandelt kënne ginn.
- De Projet huet 2013 ugefaangen an ass den 30. Juni ofgeschloss ginn.



De WAKE-UP Projet UPDATE

- WAKE-UP ass en europäesche Fuerschungsprojet, dee vun engem Konsortium vu verschiddene Wëssenschaftler a Fuerscher an d'Liewe geruff gouf. De Projet soll eng besser Behandlung vun den Hireschlag-Patienten erméiglechen, andeems de Läsionsalter duerch IRM-Diagnose besserbestëmmt ka ginn.
- De Kär vu WAKE-UP besteet aus engem Fuerschungsteam aus 40 Zentren verdeelt op 6 europäesch Länner. Patienten, déi un der Etude deelgeholl hunn, goufe per Zoufallsprinzip ausgewielt. Deen een Deel krut eng Behandlung per „Alteplase“, deen aneren Deel krut e Placebo . Duerno sinn d'IRM-Biller vun alle Patienten ausgewäert ginn.
- Während der WAKE-UP Etude ass eng speziell fir dësen Zweck geduechte Software(SONIA) entwéckelt ginn.
- Fuerscher, déi un der Etude bedeelegt waren, sinn am Virfeld speziell geschoult ginn, fir déi multiparametresch IRM-Biller liesen ze kënnen. Dëst huet de Spezialisten eng weider Méiglechkeet zur Verfügung gestallt, fir an Zukunft nach besser op den akuten ischämeschen Hireschlag reagéieren ze kënnen.



De WAKE-UP Projet UPDATE

- De WAKE-UP Test kënt sech als gutt Mëttel dofir erweisen, wéi Patienten, déi am Fong net fir eng Thrombolysetherapie a Fro kéimen, well se den Zäitpunkt vum Opriede vun den éischte Symptomer net méi genee kënnen awer mat „Alteplase“ behandelt kënnen ginn. D'Beuerteelung vum Ufank vun engem Hireschlag ass net fir all Schlagpatient méiglech, besonnesch net fir déijéineg, déi mat engem Hireschlag erwächen.
- D'Behandlung vun engem ischämesche Schlag via Thrombolyse ka just dann effektiv sinn, wann d'ëst max. 4,5 Stonnen no der Lésion am Gehir geschitt. WAKE-UP dréit dozou bäi, datt an Zukunft zeréckverfollegt ka ginn, wéini d'Lésion entstanen ass an therapiert ka ginn.
- Déi definitiv Resultater vum Haaptfuerschungsteam ginn dem Public am Mee 2018 bei der ESOC 2018 Konferenz presentéiert.



Schlusswuert



Blëtz a.s.b.l.

Lëtzebuerger Associatioun fir Betroffener vun engem Hireschlag

WAKE-UP – D'Fuerschungsaarbechten, déi zu dëse Resultater gefouert hunn, si vum Finanzhëllefskommen N°= 278276 vum 7. Kaderprogramm vun der Europäescher Unioun finanzéiert ginn.

